Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4te November 2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 1ten August 1972 a säin zougehéierege Reglement reegelen d'Anäscherung vu Verstuerwenen. Esou kënnen d'Äschen op Wonsch vu Familljememberen och op anere Platzen, wéi z.B. op engem Kierfecht, verstreet ginn. Déi englesch an déi US-amerikanesch Legislatioun ginn hei allerdéngs méi wäit: do ass et erlaabt, d'Äsche vum Verstuerwenen an enger Urn doheem ze halen, falls dat dem Wonsch vum Verstuerwenen an de Familljememberen entsprécht.

Déi lëtzebuergesch Legislatioun limitéiert sech aktuell nëmmen op d'Verstreeë vun de mënschlechen Iwwerreschter. Dëst ass engersäits novollzéibar, well et kengem soll erlaabt erlaabt sinn, een anere Mënsch ze besëtzen an dës Reegel och nom Doud gëllt. Anerersäits besteet fir d'Familljemembere vu Verstuerwene sou awer eben keng Méiglechkeet, d'Äsche vun hire verstuerwene Matmënschen an enger Urn bei sech doheem ze halen.

Am Koalitiounsaccord huet d'Regierung eng Revisioun vun de Bestaatungsprozeduren ugekënnegt.

An dem Zesummenhang wëll ech der Inneministesch dës Froe stellen :

1. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Gesetz vu 1972 nach zäitgeméiss ass?
2. Wäert d'Regierung d'Dispositiounen treffen, déi et erlabe kéinten, d'Äsche vu verstuerwene Matmënschen doheem ze halen, wann dëst dem klore Wonsch vum Verstuerwenen an de Familljememberen entsprécht? Falls nee, firwat net?
3. Bis wéini mengt d'Madamm Ministesch déi nei Dispositiounen iwwert d'Anäscherung presentéieren ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Député